

# SANDWEILER Aktuell

04-2026

25.03.2026

## Gratis Poubellesbotz zu Sandweiler

Profitéiert vum Service vun der Gemeng:
**Loosst Är Dreckskëschten, nodeems se eidel gemaach goufen, einfach dobausse stoen – mir këmmeren eis ëm d'Propper maachen!**

Datumer:
- Hausmüll Kiwwelen: 09.04.
- Bio Kiwwelen: 10.04.

## Nettoyage gratuit des poubelles à Sandweiler

Profitez du service de la commune :
**Laissez vos poubelles à l'extérieur après le passage du camion – nous nous occupons du nettoyage !**

Dates :
- Déchets ménagers : 09.04.
- Déchets organiques : 10.04.




ASTI · Zësumme liewen · LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG · SYVICOL

**Dans le cadre du Nopeschfest, la Commune de Sandweiler met gratuitement à disposition des bancs et des tables. Réservations: rp@sandweiler.lu**

GEMENG SANDWEILER
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Nei Muppewiss zu Sandweiler

Déi nei Muppewiss vun der Gemeng Sandweiler ass elo op.

D'Anlag läit hannert dem Kierfecht a bitt eng Plaz, wou Hënn sech fräi beweege kënnen.

De Schäfferot seet dem CIGR, dem Gemengepersonal an dem Fierschter villmools Merci fir hiren Engagement an déi gutt Aarbecht bei der Ëmsetzung vun dësem Projet.

## Nouvelle aire pour chiens à Sandweiler

La nouvelle aire pour chiens de la commune de Sandweiler est désormais ouverte.

L'installation se situe derrière le cimetière et offre un espace où les chiens peuvent se dépenser librement.

Le collège des bourgmestre et échevins remercie chaleureusement le CIGR, le personnel communal ainsi que le garde forestier pour leur engagement et la réalisation de ce projet.



## Giel Tute fir Wëndelen: w.e.g. zoumaachen!

Et gëtt ëmmer nees festgestallt, datt d'giel Tute fir Wëndelen erausgestallt ginn, ouni datt se richteg zougemaach goufen.

Fir d'Verbreedung vu Geréchers souwéi d'Andrénge vu Reewaasser ze vermeiden, biede mir lech, dës **nëmme bis zur Hallschent ze fëllen**, fir ze verhënneren, datt se ze schwéier ginn, an drop opzepassen, **se virum Erausstelle gutt zouzemaachen**.

Doduerch hëlleft Dir dem Personal bei senger Aarbecht a suergt dofir, datt d'Sammlung propper an ouni Problemer fir jiddereen ofleeft.

Merci fir Är Mathëllef.

## Sacs jaunes pour couches : merci de bien les fermer !

Il est régulièrement constaté que les sacs jaunes pour les couches sont déposés sans être correctement fermés.

Pour éviter la propagation des odeurs ainsi que l'infiltration d'eau de pluie, nous vous prions **de ne les remplir qu'à moitié** afin d'éviter qu'ils ne deviennent trop lourds, et de veiller **à bien les fermer avant leur dépôt**.

Ces gestes contribuent à faciliter le travail du personnel de collecte et à garantir une collecte propre et efficace pour tous.

Merci pour votre collaboration.